

	34^e séance	Présidence
	Mardi 13 février 2001	M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président M. Jean Asselborn , Vice-Président

Ordre du jour

1. Dépôt de deux projets de loi
2. Communications
3. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution
4. Heure de questions au Gouvernement
 - Question 81 de M. Laurent Mosar concernant l'échange d'actions entre le groupe Bertelsmann et le Groupe Bruxelles Lambert (contrôle du capital de RTL)
 - Question 82 de M. Marc Zanussi concernant les primes d'encouragement écologiques pour l'électricité produite à partir de l'énergie éolienne, hydraulique, solaire et de la biomasse
 - Question 83 de M. Claude Meisch concernant l'éventuelle implantation d'une nouvelle décharge pour déchets inertes dans la région de Differdange
 - Question 84 de M. Robert Mehlen concernant la loi sur le remembrement des biens ruraux
 - Question 85 de M. Lucien Clement concernant les plans de l'entreprise Luxlait de transférer ses activités sur un autre site
 - Question 86 de M. Ben Fayot concernant l'amélioration de la relation ferroviaire Bruxelles-Luxembourg
 - Question 87 de M. Camille Gira concernant la politique gouvernementale en matière de systèmes de cogénération
 - Question 88 de M. Ady Jung concernant l'actualisation du Plan d'Action des PME
 - Question 89 de M. Mars Di Bartolomeo concernant les statistiques sur l'évolution du marché immobilier
 - Question 90 de M. Aly Jaerling concernant les équipements techniques de soins et les conditions hygiéniques dans le domaine des soins à domicile
5. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite du Premier Ministre tchèque Milos Zeman
6. Heure de questions au Gouvernement (*Suite*)
 - Question 90 de M. Aly Jaerling concernant les équipements techniques de soins et les conditions hygiéniques dans le domaine des soins à domicile (*Suite*)
 - Question 91 de M. Jos Scheuer concernant l'accord tarifaire du 10 janvier 2001 entre le Gouvernement et la société CEGEDEL
 - Question 92 de M. Mars Di Bartolomeo concernant les projets d'extension des activités de la société CARGOLUX à des aéroports régionaux
7. Heure d'actualité demandée par le groupe „Déi Gréng“ au sujet du nouveau plan hospitalier (*Discussion générale*)
8. Etablissement d'une liste de trois candidats pour un poste de Conseiller d'Etat (*Votes*)
9. Projet de loi 4568 concernant la protection des jeunes travailleurs (*Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel*)
 Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs, Anne Brasseur, MM. Henri Grethen, Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.
 (*Début de la séance publique à 15.00 heures*)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

D'Mme Minister Anne Brasseur huet d'Wuert.

1. Dépôt de deux projets de loi

Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.-*
 Merci, Här President. Ech wollt e Projet de loi déposer.

An zwar sinn ech autoriséiert duerch Arrêté grand-ducal vum 8. Februar 2001, e Projet de loi iwwert de Sport ze déposieren:

- *Projet de loi 4766 concernant le sport et modifiant*

a) *la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de service des employés privés*

b) *le code des assurances sociales.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch d'Mme Minister Anne Brasseur. E gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weider geleet.

Den Här Transportminister Henri Grethen huet d'Wuert nach gefrot.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Merci, Här President. Ech sinn autoriséiert duerch de Grand-Duc, fir e Projet de loi iwwert d'Polizei an d'Exploitation vum Flughafen vu Lëtzebuerg an d'Constructioun vun enger neier Aérogare ze déposéieren:

- *Projet de loi 4767 sur la police et sur l'exploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare.*

M. le Président.- D'Chamber hält och Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Transportminister Henri Grethen. E gëtt och un déi zoustänneg Kommissioun weider geleet.

2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro déposéiert a gëtt un d'Fraktiounen verdeelt.

Plusieurs voix.- Ah, ah!

(Interruptions)

M. le Président.- 2) Folgenden Dépôt ass den 9. Februar 2001 vun der Ausseministesche gemaach ginn:

- *Projet de loi 4764 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Finlande sur la sécurité sociale.*

D'Wuert huet den Här Paul-Henri Meyers gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

3. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution

M. Paul-Henri Meyers (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun vun den Institutiounen a vun der Verfassungsännerung huet hir Aarbechten, wat den Artikel 114 ugeet, ofgeschloss, an ech sinn autoriséiert, fir déi Proposition de révision hei ze deponéieren:

- *Proposition de révision 4765 de l'article 114 de la Constitution.*

Ech géif lech bidden, se weider ze ginn un d'Regierung, déi se dann dem Conseil d'Etat kann ennerbreede pour avis. Ech géif och froen, dass an enger vun den nächste Sitzungen de Rapporteur an der Chamber déi interessant Proposition de révision kéint exposéieren.

Merci.

M. le Président.- D'Chamber hält och Akt vum Dépôt vun enger Proposition de révision duerch den Här Deputéierten Paul-Henri Meyers.

Haut de Mëtteg hu mer eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 78 vum Chamberreglement huet den Deputéierten 2 Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet 4 Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten.

Ech wëll lech nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt Der gebiede sidd, lech strikt un déi Zäit ze halen.

D'Froen kommen ofwiesselnd vun der Majoritéit an der Opposition.

Fir d'éischt hu mer d'Fro 81 vum Här Laurent Mosar un de Kommunikationsminister iwwert d'Konsequenze vum Aktienaustausch tëschent Bertelsmann an dem Groupe Bruxelles Lambert.

D'Wuert huet den Här Laurent Mosar.

4. Heure de questions au Gouvernement

- **Question 81 de M. Laurent Mosar concernant l'échange d'actions entre le groupe Bertelsmann et le Groupe Bruxelles Lambert (contrôle du capital de RTL)**

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen den Echange d'actions tëschent dem Groupe Bruxelles Lambert a Bertelsmann ass bekannt. D'Detailer waren an der Press nozeliesen.

De Groupe Bertelsmann wäert an Zukunft 67 % vum Kapital vum RTL Group kontrolléieren. Ech géif an deem Zesammenhang wëllen dräi ganz prezis Froen stellen:

1. Wat wäerten d'Repercussiounen vun dësem Aktionärschangement sinn, wat d'Aktivitéiten vun RTL Group hei zu Lëtzebuerg betrëfft?

2. Wéi ass et an dëser Affär gewiescht mat der Protektioun vun den Actionnaires minoritaires, wa mer wëssen, dass mer hei zu Lëtzebuerg keng speziell Législatioun hunn, déi se protégéiert?

3. Ass den zoustänneg Minister och der Meenung, dass een hei muss driwwer nodenken, fir eng speziell Législatioun ze maachen, déi d'Rechter vun dësen Actionnaires minoritaires sauvegardéiert?

M. le Président.- D'Wuert huet de Kommunikationsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Mosar sot: „déi Fro un den zoustänneg Minister riichten“.

Ech wëll just soen, dass ech eigentlech fir keng vun deenen dräi Froen zoustänneg oder kompetent sinn. Ech wëll awer probéieren, lech kompetent Äntwerten ze ginn.